N° 8128
Entrée le 05.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.07.2023

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 05. Juli 2023

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Digitaliséierung, den Här Aarbechtsminister, d'Madamm Gesondheetsminister, den Här Schoulminister, d'Madamm Finanzminister, den Här Bausseminister, den Här Verdeedegungsminister, den Här Wirtschaftsminister, den Här Mëttelstandsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Den 31. Mäerz 2023 hat déi italienesch Regierung den Zougang zur kënschtlecher Intelligenz (KI) Plattform ChatGPT vun Open AI an Italien gespaart. Ee vun den Haaptgrënn fir dës Spär war, datt Open AI onrechtméisseg persounebezunn Date veraarbecht huet. Duerch Feeler an enger Open-Source-Bibliothéik ass et dozou komm, datt eng Asiicht an d'Informatioune vu frieme Benotzer ewéi och vun hire Bezueldonnéeë méiglech war. Nodeems déi italienesch Autoritéit fir den Dateschutz awer gewëss Bedingunge fir d'Fräigi vun ChatGPT gesat hat an déi och ëmgesat goufen, ass ChatGPT an Italien elo erëm erlaabt. De 14. Juni huet dat Europäescht Parlament mat enger iwwerwältegender Majoritéit de Standpunkt vun der EU-Kommissioun ugeholl an domat de Wee fir interinstitutionell Verhandlungen opgemaach, déi zum Ofschloss vum weltwäit éischten ëmfaassende Gesetz iwwer kënschtlech Intelligenz (EU AI Act) féiere sollen. Sollten dës Verhandlungen zu enger endgülteger Reguléierung féieren, da géif déi fréistens am Joer 2026 agefouert ginn.

An deem Zesummenhang géif ech gär der Regierung dës Froe stellen:

1) An der Äntwert vum Här Minister fir d'Digitaliséierung op déi parlamentaresch Fro Nr. 7646 stoung, datt et der Regierung wichteg ass, fir am Kader vun der KI Risiken an Opportunitéiten ze identifizéieren. Wat fir eng konkret Risiken an Opportunitéite gesäit d'Regierung?
2) Wéi wäert sech Lëtzebuerg bei de Verhandlunge vum EU AI Act positionéieren?
3) Google ewéi och Microsoft an Open AI asw. bidden de Benotzer Chatboots fir d'Beäntwerte vu Froen. Dës „Tools" beäntwerte Froen awer zum Deel falsch, wat natierlech ka Risiken a Gefore mat sech bréngen. Wat fir eng preventiv oder begleedend Moossname ginn hei getraff ? Wéi eng Garantië kann e Client vun enger KI erwaarden

a wéi kann hie sech wieren, wann him duerch eng Falschinformatioun Schued entstanen ass? Wéi eng Haftflichtreegele gëlle beim Benotze vun der kënschtlecher Intelligenz? Wéi bereet sech d'Justiz op eventuell Kloe vir ?

4) D'Regierung huet vir, am Kader vun der Initiativ AI4GOV mat Hëllef vun der KI den ADEM-Profiling ze ënnerstëtzen. Am Woxx-Artikel vum 13.03.2023 mam Titel ,,Künstliche Intelligenz: Regulierung statt Hype'' gouf drop opmierksam gemaach, ewéi grad bei der Sich no enger Aarbecht eng Diskriminatioun vu Kandidaten duerch eng KI optriede kann. Och ee vun de Fondateure vun der Open AI, den Elon Musk, huet scho méi dacks op dës Problematik opmierksam gemaach. Wat mécht d'Regierung, fir esou Risiken auszeschléissen?
5) Am „Quotidien" vum 20.04.2023 steet am Artikel mam Titel ,,Ma Langue au Chat GPT'' datt verschidde lëtzebuergesch Ministeren d'Applikatioun ChatGPT' benotzt hätten, fir hir Äntwerten op parlamentaresch Froen ze redigéieren. Stëmmt dat? A wa jo, wat fir eng parlamentaresch Froe goufe mat Hëllef vun enger KI-Applikatioun geschriwwen?
6) Wéi stellt de Staat sécher, datt KI-Systemer, déi hie selwer schaaft oder benotzt, sécher, robust a resilient sinn, an net ufälleg fir e Mëssbrauch sinn? Mat wat fir enge KI-Applikatiounen/Technologien/LLm'en schafft d'Regierung bei der Entwécklung vun AI4GOV-Projeten? Wat fir Entwécklungen an der Uwendung vu KI-Systemer fir Regierungszwecker erwaart d'Regierung sech an den nächste fënnef bis zéng Joer?
7) Wéi huet d'Regierung vir, eis Ekonomie an eis Bierger viru méiglecher Spionage duerch KI-Plattformen oder Applikatiounen ze schützen?
8) Wéi eng Projete bestinn aktuell fir den Asaz vu KI-Systemer am Gesondheetsberäich? Wéi eng legal Grondlage gëtt et dofir a wéi kann den Dateschutz garantéiert ginn?
9) Bedeelegt sech Lëtzebuerg un internationale Projete fir d'Entwécklung vun Normen am Beräich vun der KI ?
10) Wëll d'Regierung aus Grënn vun der Transparenz regelméisseg all Prozesser publizéieren, déi am ëffentlechen Déngscht mat Hëllef vu KI oflafen? Sollen dofir vläicht legal Grondlage geschaf ginn, déi och fir de private Secteur solle gëllen, fir de Leit matzedeelen, ob hir Uleies mat Hëllef vu KI oder Algorithme beaarbecht ginn?
11) Sollen d'Leit e Recht dorop hunn, vun engem Mënsch beroden ze ginn, ouni Hëllef vun enger KI?
12) Wat hält d'Regierung vun enger onofhängeger Préifinstanz fir d'Kontroll vun Uwendunge vun der KI no hirer Opportunitéit, Funktionalitéit, Sécherheet, Ethik an hirer Konformitéit mat rechtleche Grondlagen? Wéi eng Instanze kéimen a Fro, fir déi Roll ze iwwerhuelen?
13) Op der Internetsäit vum Ministär fir Digitaliséierung ass ze liesen: ,,*De Premierminister, Minister fir Digitaliséierung huet a senger Deklaratioun an der Chamber de Wëlle vun der Regierung betount, hir Efforte virunzeféieren fir eng méi grouss Transparenz, a fir de Bierger verstäerkt anzebezéien. Deemno setzt de Ministère fir Digitaliséierung a verschidde vu senge Projeten op eng Approche, déi „Open Innovation" oder „oppen Innovatioun" genannt gëtt, déi geweinlech definéiert gëtt als „bewosst Agäng an Ausgäng vu Kenntnisser fir d'intern Innovatioun ze beschleunegen".* " Wéi ginn déi Moossnamen ëmgesat, respektiv, wei huet d'Regierung vir, dësem Usproch eventuell mat Hëllef vun der KI gerecht ze ginn?
14) Et ass och ze bemierken, datt ChatGPT vun Open AI dacks net neutral ass, an dëst zu berechtegte Bedenke bei der Uwendung féiert. E vill zitéiert Beispill dofir ass dëst: bei der Fro, fir e Witz iwwert e Mann ze schreiwen, äntwert d'Software positiv. Bei der Fro, fir e Witz iwwert eng Fra ze schreiwen, ass d'Äntwert awer negativ. Wéi wëll d'Regierung bei enger méiglecher Reguléierung virgoen, fir esou Phänomena bei der Benotzung vun der AI ze ënnerbannen? Wéi wëll d'Regierung virgoen, fir datt d'KI-Applikatioune faktuell argumentéieren ouni ze jugéieren?
15) Wéi eng Moossname wëll d'Regierung huelen, fir den Dateschutz am Beräich vun der KI ze garantéieren?

16) Vu wéi engen ëffentlechen a privaten Instanze léisst sech d'Regierung bei der Implementatioun vun der KI a Regierungsprojete beroden? Gouf et an deem Beräich schonn ëffentlech Ausschreiwungen, a wéi héich waren d'Depensë fir dee Beräich?
17) Déi ethesch Froen, déi d'KI betreffen, si bei militäreschen Applikatioune besonnesch wichteg. Enn November 2021 goufen am Kader vun de Verhandlungen iwwer d'Weiderentwécklung vu konventionelle Waffen (Convention on Certain Conventional Weapons, CCW) vun 193 Regierungen, dorënner och där lëtzebuergescher, eng Rei vu Prinzippien ugeholl. An deem Dokument steet, datt keng vital Entscheedungen duerch eng KI däerfe geholl ginn (Punkt 36) an datt de Mënsch net däerf zu engem rengen Objet vun enger maschineller Berechnung ginn. KI muss tëschent der militärescher Noutwennegkeet an der humanitärer Erwägung e Gläichgewicht fannen. Sou Prinzippie sinn awer wahrscheinlech onrealistesch, well schwéier ëmzesetzen. Aus enger Etüd mam Titel „Advanced artificial agents intervene in the provision of reward" (AI Magazine, Volume 43, Issue 3, pp. 282-293), engem bekannten Interview mam Elon Musk, oder och aus engem Interview ënnert dem Titel „Faktor Mensch: Akteur oder Sündenbock" mam fréieren US-Army-Ranger Paul Scharre iwwer automatesch Waffesystemer (Tageblatt) loosse sech ganz geféierlech Entwécklunge fir de Mënsch erausliesen. Et wäert ee wuel mussen dovun ausgoen, datt d'KI selwer Entscheedungen trëfft, mat alle Geforen, déi dat mat sech bréngt. Dohier ass et och wichteg, fir d'Krichsrecht an deem Beräich weiderzeentwéckelen. Wéi steet Lëtzebuerg zur Entwécklung vun autonome Waffe mat der Hëllef vun LLM'en? Wéi gesäit d'Regierung eng méiglech Reguléierung vun de Krichstechnologien an eng Weiderentwécklung vum *jus in bello*?
18) Schliisslech ass och d'Benotzen oder d'Verbidde vun ChatGPT an de Schoulen en Thema. Wéi ass d'Positioun vun der Regierung an deem Beräich?
19) Ass den Här Educatiounsminister der Meenung, datt den Ëmgank mat KI soll an der Schoul thematiséiert ginn an datt eng Zort „KI-Führerschäin" sollt kënne gemaach ginn?
20) Am Artikel mam Titel „KI: Chance und Risiko", deen den 01.06.2023 am „d'handwierk" publizéiert gouf, gëtt drop higewisen, datt d'KI eng Rei vu repetitiven a kierperlechen Akten ersetze kéint. Et gëtt awer och behaapt, datt déi grouss Handwierksfirmen en däitleche Wettbewerbsvirdeel géintiwwer mëttelstännege Betriber hätten, well déi iwwer déi néideg Infrastruktur verfügen, fir dës KI-Systemer ze implementéieren. Kéint d'Regierung soen, wat fir eng handwierklech Aufgaben duerch KI kéinten ersat ginn? Wéi geet d'Regierung vir, fir och déi méi kleng Betriber a punkto Datesammlung a KI ze ënnerstëtzen? Ginn do speziell Coursen ugebueden?
21) Zu Lëtzebuerg schaffen um Europäesche Geriichtshaff ëm déi 600 juristesch Linguisten. An deenen europäeschen Institutioune schaffen och vill Iwwersetzer/Dolmetscher. Lëtzebuerg ass och de Siège vum Office des Publications. Mat der Entwécklung vun den automatesche kënschtleche Stëmmen ewéi och der integraler Entwécklung vun der KI seet d'Zeitung „Politico", datt geschwënn vill vun dësen Iwwersetzungsberuffer duerch d'KI ersat kéinte ginn. Eleng an de leschten zéng Joer ass d'Unzuel vun den EU-Iwwersetzer ëm 17 Prozent zeréckgaangen, woubäi d'Unzuel un iwwersaten Dokumenter ëm 28,3 Prozent eropgaangen ass. Wéi gesäit d'Regierung d'Konsequenze fir de Standuert Lëtzebuerg?
22) Am Artikel „Wie die Justiz schneller werden soll" vum September 2021 gouf drop opmierksam gemaach, datt eise Justizapparat däitlech iwwerlaascht ass. Wou gesäit d'Regierung Méiglechkeeten a Grenze fir den Asaz vu KI am Beräich vun der Justiz?
23) Wéi ka Lëtzebuerg erreechen, datt mir géintiwwer anere Länner méi kompetitiv am Beräich vun der KI sinn?
24) Wéi wëll d'Regierung erreechen, datt d'Méiglechkeete vun der KI am Finanzsecteur optimal agesat kënne ginn an datt dobäi d'Intressie vun de Clientë protegéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten